N°2504
Entrée le 16.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2504 vum 25. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Litige entre un conseiller communal et un agent communal".

1. Ass ee Gemengeconseiller a gewësser Aart a Weis als Patron vum Gemengenaarbechter unzegesinn?

De Gemengerot ass ee kollegialt Organ dat seng Kompetenzen just an senger kollegialer Formatioun kann ausüben. Een eenzelen Gemegeconseiller huet keng perséinlech Kompetenzen. D'Funktioun vum Verwaltungschef an enger Gemeng huet de Schäfferot op Grond vum Artikel 57 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988. De Gemengerot huet an der alldeeglecher Personalgestioun keng Kompetenz.

2. Wéi ass d'Aktioun vum Gemengeconseiller ze bewäerten?

Et ass net um Inneminister sech an e Sträit tëscht engem Gemengeconseiller an engem Salarié vun enger Gemeng anzemëschen an d'Verhale vu béide Persounen ze bewäerten.

3. Ass de Minister der Meenung, dass d'Fuerderung vum Gemengeconseiller een Abus de Pouvoir duerstellt?

Ech verweisen op d'Äntwert op déi éischt an déi zweet Fro.

4. Ass de Minister der Meenung, dass d'Fuerderung vum Gemengeconseiller een Erpressungsversuch duerstellt?

Déi Appréciatioun läit net a menger Kompetenz, mais an där vun de Justizautoritéiten.

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden